
NATIONAL - ZUELE PRO KANTON

# Syvicol kritiséiert nei Corona-Kaart

RTL | Update: 17.07.2020 12:52




**E Mëttwoch huet d'Santé jo déi ominéis Kaart publizéiert, wou d'Infektiounszuelen no Kanton opgelëscht sinn.**

Virun allem d'Kantonen Esch an d'Stad sinn deemno vill méi staark concernéiert wéi de Rescht vum Land.

Fir de President vum Gemengesyndikat Syvicol, den Emile Eicher, besteet d'Gefor vun där Kaart awer doranner, dass a Regiounen, wou net vill Fäll sinn, keng gréisser Infektiounsgefor géif bestoen.

Dernieft wëll een och net hunn, dass verschidde Gemengen oder Buergermeeschteren an d'Schosslinn kommen, dass si hir Aarbecht net gutt gemaach hätten.

De Syvicol wënscht sech onbedéngt Informatiounen, wou a wéi sech d'Leit ugestach hunn, well nëmmen esou kéint een direkt agéieren.

D'Gemenge kréien elo dann och mam Fränk Reimen, dem "Haut-commissaire à la protection nationale", en Uspriechpartner, *deen d'Gemengen, déi elo am meeschte concernéiert sinn, direkt kontaktéiert.* Den Emile Eicher:

*"Hie ka mat deene Gemengen dann och méi geziilt iwwert méiglech Problemer diskutéieren. Vläicht och Saachen an d'Weeër leeden, zesumme mat de Gemengen, fir eng Kommunikatioun op déi Leit, déi wierklech betraff sinn, ofzestëmmen. Wann ee mat Jugendleche schwätzt, schwätzt een eng aner Sprooch wéi mat Betriber, oder Leit, déi sech vläicht op engem Familljefest ugestach hunn. T'muss een einfach vill méi eng geziilt an diversifizéiert Kommunikatioun féieren, soss areecht een déi Leit net, déi een u sech wëll erreechen."*

Den Emile Eicher fënnt et total falsch, dass mat där Kaart elo méiglech Stigmatisatioune kéinten entstoe vu Regiounen. Dat wier de komplett falsche Wee.

